FRAEN AN DER ADR

D'Frae-Sektioun vun der ADR regroupéiert sämtlech Fraen, déi Member an der ADR sinn. Domat representéiert d'Frae-Sektioun vun der ADR haut iwwer 800 Fraen a représentéiert mei wéi 40% vun alle Membere vun der ADR.

D'Frae-Sektioun vun der ADR ass an hirer Organisatioun, an den Aktivitéiten a Positioune autonom am Kader vun der Partei an hierem Programm. Si beschäftegt sech mat alle gesellschaftlechen a politesche Froen, woubäi natierlech déi spezifesch Situatioun vun de Fraen am Mëttelpunkt steet.

Um Fraekongress 2015 huet d'Sylvie MISCHEL, d'Joëlle GIANNOTTE-OSTERTAG als ADR-Fraen-Presidentin ofgeléist.

Zanter de Grënnung vun den ADR Fraen ginn ëmmer méi Fraen aktiv an der Politik a kréien d'Méiglechkeeten a Chancen sech als gewielte Volleksvertrieder aktiv ze bedeelegen.

Politesche Volet

D'ADR Fraen setze sech selbstverständlech dervir an, datt die méi spéziefesch Ulaies vun de Fraen an de Gremien vun der Partei nerücksichtegt ginn an datt d'Fraen op de Wahllëschte gudd vertruede sinn.

Déi nächst Wahlen sinn d'Gemengewahlen am Oktober 2017. Bei de läschte Gemengewahlen 2011 ware bei der ADR an de Proporzgemengen, 41.1% vun de Kandidate Fraen an domatter louche mer weit virun der DP (31.5%), der CSV (34.8) an der LSAP (33.0%).

Ais Fraen haten och dee meeschte Succès, well bei der ADR waren an de Proporzgemengen 25% vun de Gewielten Fraen an och domatter louche mer weit virun der DP (17.9%), LSAP (23.8%) an der CSV (24.7).

Mir kënnen also stolz sinn op äis Resultat, MAIS fir déi nächst Wahlen brauche mer méi Lëschten. Bei de Legislativen 2013, hate mer vun 60 Kandidaten, 23 Fraen op de Lëschten, dat sinn bal 40%. Äis Fraen hunn och hei gutt ofgeschnidden, awer fir de Sprong an d'Chamber ass et déi Kéier nach net duer gaang.

Mer wäerten äis an Zukunft zu aktuellen Themen zu Wuert mëllen, sierf dat :

- FROEN EM FAMILL A KANNER
- FROEN EM SOZIAL SËCHERHEET
- VERTRIERDUNG VUN DE FRAEN AN DE GREMIEN AN OP DE WAHLLËSCHTE VUN DER ADR
- GESELLSCHAFTSPOLITESCH FROEN WEI Z.BSP.: PROSTITUTIOUN, QUOTEN, SCHEEDUNGSGESETZ, ETC.
- NATIONAL- A KOMMUNAL-POLITESCH FROEN
- ...

WANN DER IDIEN ODER WËNSCH HUDD, DANN DEELD AIS SE WEG. MAT. MIR KUCKEN, WEI MER SE KENNEN EMSÄTZEN.

Soziale Volet

Wei schonn an der Vergaangenheet wäerte mer och weiderhin e grousst Gewiicht op de gesellschaftleche Volet leeën an sou Muenches organiséieren wéi z.Bsp.:

AUSFLICH **KULTUR** **GESONDHEET, SPORT AN ENTSPAANUNG**

…

WANN DER IDIEN ODER WËNSCH HUDD, DANN DEELD AIS SE WEG. MAT. MIR KUCKEN, WEI MER SE KENNEN EMSÄTZEN.

Mat beschte Gréiss,

De Komité ADR Fraen:

Sylvie MISCHEL, Präsidentin (sylvie.mischel@adr.lu)
Sandra BOUCHARD-KASPAR, Vizepräsidentin
Joëlle GIANNOTTE-OSTERTAG, Sekretärin (joelle.giannotte@adr.lu)
Sandra BOUCHARD-KASPAR, Trésorière
Marie-Thérèse FUCHS, Member
Myriam FUNCK, Member
Marceline GOERGEN, Member
Christine KIES, Member
Suzanne KOHL, Member
Malou PROTT, Member
Goulnora SOULTANOVA, Member
Monique THEIN, Member